

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Défense, Monsieur le Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et Monsieur le Ministre de l'Économie à la question parlementaire n° 4222 du 4 mai 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser au sujet de la « Coopération militaire dans le cadre du programme PESCO »**

Zur Fro 1:

Lëtzebuerg ass Member a folgenden PESCO Projeten:

- European Medical Command
- GeoMETOC Support Coordination Element
- Strategic C2 System for CSDP Missions and Operations
- Military Mobility

Lëtzebuerg ass Observateur a folgenden PESCO Projeten:

- Network of Logistic Hubs in Europe and Support to Operations
- Cyber Threats and Incident Response Information Sharing Platform
- EU Radionavigation Solution
- European Military Space Surveillance Awareness Network

Zur Fro 2:

PESCO erméiglecht den Memberstate mat aneren Länner gemeinsam Militär Kapazitéiten ze entwéckelen an d'Preparatioun vun den Forcen ze verbessern. Doriwwer eraus ënnerstëtzt Lëtzebuerg domadder déi gemeinsam Sécherheits- a Verdeedegungspolitik vun der Europäescher Unioun. Lëtzebuerg kann awer net eng Leader Roll an engem PESCO-Projet iwwerhuelen wéinst onsen limitéierten Ressourcen. Falls d'Méiglechkeet sech ergëtt, ënnerstëtzt Defense ons Ekonomie an Fuerschungslandschaft fir un der Realisatioun vun engem PESCO-Projet deelzehuelen. Well all Projet anescht konzipéiert ass, a well am Prinzip all Joer nei Projeten vun den aneren Memberstaaten presentéiert ginn, ass et net méiglech eng Previsioun ze maachen.

Zur Fro 3:

Am PESCO Projet "Cyber and Information Domain Coordination Center" (CIDCC) ass momentan keng direkt Bedeelegung virgesinn. Eng indirekt Bedeelegung iwwert aner PESCO-Projeten kéint awer an Zukunft stattfannen (méi Detailer am 4ten Punkt hei drënner).

Eng aktiv Bedeelegung ass net geplangt, dëst aus puer Haaptgrënn:

- Well den "Cyber and Information Domain Coordination Centre" (CIDCC) dem Verbesserten Informatiounsaustausch souwéi d'Plangen an d'Féieren vun EU-Operatiounen an EU-

Missiounen am Cyberberäich déngt, ass Lëtzebuerg net direkt concernéiert well mir eis Operatiounen an Missiounen ëmmer op Compagnie-Level ënnert der Féierung vun engem aneren Land ausféieren.

- Am CIDCC-Projet gëtt verlaangt, dass d'Memberstaaten, déi bei dësem Projet matmaachen, Leit an dësen "Coordination Center" ofbestellen. Well mir momentan awer eis Equippen, déi sech mat den Cyber-Sujeten ausernee setzen, am opbauen sinn an deemno all Ressourcen brauchen, ass et net méiglech Leit an esou een "Coordination Center" ze delegéieren.
- Mat den Ressourcen, déi d'Cyberéquipen vun der Lëtzebuenger Défense zur Verfügung huet, gëtt versicht sech prioritär op PESCO Projeten ze konzentréieren, déi een direkten Lien zu Projeten vun der Lëtzebuenger Defense hunn oder op Strategesch Zieler, déi mir säit kuerzem an eiser Cyberdéfense Strategie festgehalten hunn, äntwerten. Dëst ass zum Beispill den Fall beim PESCO-Projet "Cyber Threats and Incident Response Information Sharing Platform" (CTIRISP). Hei ass Lëtzebuerg als Observateur vertraued, well am Projet déi sougenannten "Malware Information Sharing Platform" (MISP) an den Asaz kennt, wou Lëtzebuerg un der Entwécklung bedeelegt ass.
- Dëst Joer wäerten nei PESCO-Projeten proposéiert an initiéiert ginn. Hei steet och een PESCO-Projet zur Debatt, wou Lëtzebuerg eventuell interesséiert ass, sech drun ze bedeelegen an deem och een direkten Lien zum CIDCC-Projet huet (gläichzäiteg awer och zu den PESCO Projeten "Cyber Rapid Response Teams and Mutual Assistance in Cyber Security (CRRT)" an EU Cyber Academia and Innovation Hub (EU CAIH)). An dësem Projet geet et konkret em d'Zesummeschléissen vun "Cyber Rangem" (simuléiert Trainingsenvironmenter fir Cybersecherheetsexperten), déi dann villsäiteg agesat kennen ginn, wéi zum Beispill fir Cyber Exercicen, Testen vun néien Solutiounen géint den Kampf vun Cyberattacken oder awer och d'Weiderbilden/Ausbilden vun Cybersecherheetsexperten. D'Lëtzebuenger Defense ass momentan amgaang eng Cyber Range opzebauen an kéint esou seng Kapazitéit am Kontext vun dësem Projet zur Verfügung stellen.